



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch
Fro Nr. 7272 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz**

Ad 1)

Fir ze verstoen wéi de Centre de Logopédie (CL) d'Feelstonne vun den Enseignanten opfänkt a wéi d'Éducateuren implizéiert sinn, ass et wichteg sech hir Roll am Encadrement vun de Klassen a Gruppen méi genau unzekucken.

D'Éducateuren sinn ëmmer Deel vu multiprofessionellen Équipes, bestoend aus spezialiséierten Enseignanten, Léierinnen oder Schoulmeeschteren aus der Grondschoul an Éducateuren. Dës Équipes ginn ënnerstëtzt vu Psychologen, Sozialaarbechter a bei héiergeschiedegte Schüler zousätzlech duerch Spezialisten a Gebärdesprooch an Gebärdesproochiwwersetzer. An den Diagnosticgruppen sinn zousätzlech nach Pädagogen mat am Team. Dëst heescht, datt all Klass an all Grupp vun enger multiprofessioneller Équipe encadréiert gëtt, zu deem och all Kéiers en Édicateur zielt.

An dësen multiprofessionellen Équipes intervenéieren d'Éducateuren op verschidde Niveauen, wéi zum Beispill:

- an de Klassen (bei Schüler mat enger Héierschiedegung a bei Schüler mat enger Sproochstéierung), souwuel am CL zu Stroossen wéi och an den Annexen;
- an den Ateliers d'apprentissage spécifiques fir Kanner, déi am Précocealter sinn (Kanner, déi eemol d'Woch an Atelier hunn);
- an de Diagnosticgruppen (Kanner, déi fir eng Phase de diagnostic während maximal zwou Wochen an engem Grupp sinn).

Wann Enseignante länger Zäit ausfalen, gëtt versicht iwwert d'Remplaçantslëscht vun de Kompetenzzentren en Ersatz anzustellen. Des Lëscht besteet aus Agenten, déi iwwert eng Attestatioun verfügen fir dierfen an den Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée ersetzen. Dës Attestatioun garantéiert, datt d'Remplaçanten déi néideg Erfahrung am sozio-educativen Beräich hunn, sief et duerch e Stage deen si an zwee verschiddene Centres de compétences absolvéieren oder duerch viregt Erfahrungen, déi si an deemem Domaine gesammelt hunn. Dësweideren müssen d'Kandidaten adäquat Kenntniss an deenen dräi administrativen Sproochen opweisen.

Wann Enseignante just fir eng kuerz Zäit feelen, da gëtt am CL eng kloer Linn verfollegt:

1. Ass eng Klass oder e Grupp duebel besat, kënn keng zousätzlech Persoun derbäi.
2. Ass eng Klass oder e Grupp net duebel besat, iwwerhëlt den Enseignant oder den Édicateur aus der multiprofessioneller Equipe d'Klass oder de Grupp.
3. Ass dës net méiglech muss eng aner intern Léisung fonnt ginn. An deem Fall kann och mol en Intervenant deen net zu der multiprofessioneller Equipe gehéiert fir di eng oder aner Stonn déi Klass iwwerhuelen.

Deemno kënn et vereenzelt vir, datt Feelstonnen vun Éducateuren opgefaange ginn, allerdéngs just da wa keng aner Léisung iwwert en externen Ersatz oder am multiprofessionellen Team fonnt gëtt. Dëst war während der Coronapandemie méi heefeg de Fall, well méi Leit gefeelt hunn.

Prinzipiell ginn am CL deemno keng Feel- oder Déchargestonnen vun Éducateuren opgefaangen.

Ad 2)

De CL ass dobäi fir sech intern esou ze organiséieren, datt zousätzlech Enseignante virgesi sinn, déi d'Roll vum "interne Remplaçant" iwwerhuele kënnen, fir esou den 3. Punkt uewen op en absolute Minimum ze reduzéieren.

Och hei ass een drop ugewisen fir di néideg personell Ressourcen zur Verfügung ze hunn, wuel wëssend datt sech Enseignante musse fannen déi bereet sinn am Centre de Logopédie wëllen den Unterrecht ze assuréieren.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH